PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Gesondheet weiderzeleeden.

Eng Rei Beruffsgruppen, déi och zum Santéssecteur gehéieren, mee net direkt duerch e Kontrakt un e Spidol oder en Heem gebonne sinn, krute bis elo nach keng Invitatiounen, fir sech kënnen impfen ze loossen a ginn an der Impfstrategie och net explizitt erwäänt.
Esou ass et nach onkloer wéini z. B. d'Mataarbechter aus de Laboratoiren, déi Covid-19-Tester auswäerten, oder och Ambulancieren geimpft solle ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi enger Phase wäerten d'Mataarbechter aus de Laboratoiren, déi Analyse maachen, déi an Zesummenhang mam Covid-19 stinn, d'Méiglechkeet kréien, sech impfen ze loossen?

2. A wéi enger Phase wäerten d'Mataarbechter vu privaten Ambulanzen en Zougang zu enger Impfung kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député